ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 26. Oktober 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un d'Häre Ministere vun der Sozialer Sécherheet a vun der Aarbecht weiderzeleeden.

Laut aktueller Gesetzgebung muss ee Salarié sengem Patron bannent 3 Deeg ee schréftlechen Attest virleeë bei enger Krankmeldung. An dëser Corona-Pandemie geet d'Zuel vun de Leit awer rapid an d'Luucht, déi sech mussen un d'Quarantän halen. Dës dramatesch Hausse vun de Leit, déi sech mussen un d'Quarantänen halen, kréien deelweis keen Attest am Délais fir eng Krankschreiwung, vun der Direktioun vun der Santé, dat well des verständlecher Weis iwwerbelaascht ass. Ausser et consultéiert een säin Hausdokter, deen dann iwwer Telekonsultatioun een Attest ausstellt.

Am Prinzip kritt wuel all Salarié esou een Attest, mee et kënnt zu Verzögerungen, wat iwwer dës 3 Deeg eraus geet, déi am Gesetz virgesi sinn.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Häre Ministeren:

1. Fir deem entgéint ze wierken, well et kéint jo hei zu eenzele Verzögerunge komme wat d'Areeche vun engem Attest ubelaangt, misst een hei net a ganz kuerzer Zäit ee rechtleche Kader schaffen? Wa jo, wéi kéint deen ausgesinn? Am Fall vum Nee, ob wat fir eng gesetzlech Reegelung gëtt dann hei zréckgegraff?

2. Am Fall vu Quarantän ass do Teletravail erlaabt?
3. Ass et den Dokteren erlaabt een Attest auszestellen am Fall vun enger Quarantän?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**